



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Chambersreglement Art. 84), un den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden.

De 15. Mäerz konnt een am Artikel "Abschied von einem Wahrzeichen" op Wort.lu liesen, datt déi historesch Sauerbréck, och "Pattonbréck" genannt, zwëschen dem 22. a 27. Mäerz soll ofgerappt ginn.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Infrastrukturminister:

- 1) Gouf de Service des Sites et Monuments Nationaux no engem Avis zum Denkmalwäert vun dëser Bréck gefrot?
- 2) 2001 gouf d'Bréck fir ëmgerechent 3,7 Milliounen grondsanéiert. Ass et net eng Verschwendung vun öffentleche Gelder, fir d'Bréck lo ofzerappen?
- 3) Kann d'Bréck net anescht genotzt ginn, zum Beispill fir d'Mobilité douce?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten



Luxembourg, le 25 MARS 2021

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire urgente N°3886 du 18 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant le pont Patton, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi
dringend parlamentaresch Fro N° 3886 vum 18. Maerz 2021 vum éierbaren Deputéierten Här Jeff
Engelen iwwert "Pattonbréck"**

Nodeems déi deemoleg Bréck iwwert d'Sauer um ëstleche Stadrand vun Ettelbréck am Krich während der Wanteroffensive 1944/45 zerstéiert ginn ass, gouf duerno eng nei Sauerbréck am Joer 1951 opgeriicht, an am Summer 1952 a Betrib geholl. Menge Servicer ass net bekannt, dass dës Bréck een Denkmalwäert sollt hunn a sou ass och vun hinnen aus keng deementspriedend Ufro un d'Servicer vu Sites et Monuments Nationaux gaangen. De vieregte Widerlagerdamm déngt haut als Standuert vum Patton Monument, doduerch krut d'Sauerbréck dann och haut de méi geleefegen Numm "Patton Bréck".

Et ass richteg, dass d'Pattonbréck fir ëmgerechent 3,7 Milliounen € am Joer 2001 huet misse grondsaniert ginn. Zu deem Zäitpunkt gouf et awer nach kee Projet fir Créatioun vun engem Pôle d'échange multimodal zu Ettelbréck. Et ass am Kader vun deem Projet, deem 10 Joer no der Sanéierung vun der Bréck entstanen ass, wou och de Besoin vun enger drëtter Spuer op der Pattonbréck festgehale gouf. Vu dass déi al Bréck net déi néideg Breet hat an och net dee néidege Fräiraum vu 6,50 Meter iwwert de Gleiser respektéiert hat, war decidéiert ginn dës Bréck ze ersetzen. Deen neie Pont Patton respektéiert elo natierlech de Fräiraum vu 6,50 Meter iwwert de Gleiser, wat dem Betrib vun der hei ënnendrenner vill frequentierter Eisebunnsliin N° 10 duerch d'CFL an och der Sécherheet vum Schinneverkéier, entgéint kënnt.

Dësweideren erlaabt d'Konzeptioun vun der neier Pattonbréck, am Fall vun Iwwerschwemmungen, eng besser Gestioung vum Héichwaasser.

D'Besoinen vun der aktiver Mobilitéit sinn a Form vun engem zäitgeméissen an adequat breede kombinéierte Vëlo- a Foussgängerwee an der neier Bréck integréiert.

Den Ofbau vun der aler Pattonbréck ass iwweregens téschent dem 29. Mäerz an dem 3. Mee 2021 geplangt.